# Versammlung fir Wëllefcher

## Thema: Olympia

proposéiert vun de Bartrenger Wëllefchef

| Auer : | Wat : | Material : | Sall | Chef : |
|---|---|---|---|---|
| 14.00 | Ufank.<br>D'Kanner setzen am Sall, a waarden dass et lass geet. D'Chef, als Sportler verkleet deenen sech grad a präparéieren sech vir hier Wettkämpf.<br>Op eemol kennt den Fakelleefer eran gelaf, a seet dass him eng mega blöd geschitt ass. Hien huet d'Olympescht Feier verluer.<br>Den Organisateur léisst him et lo uerdentlech lafen: „Wat soll dat?, wei denks du dass lo d'Olympiad stattfannen soll?....“<br>Wéi kréie mir dat lo hin?<br>Den Fakelleefer ass fäerdeg mat den Nerven a weess guer net wat hien maachen soll, déi eenzeg Hoffnung déi him bleift sinn d'Wëllef. Si mussen him hëllefen, Stecker ze kréien, fir dass eng nei Fakel ka gebaut ginn. | / | Wëllef | **All** |
| 14.15 | Lo musse mir vir d'éischt kucken op d'Wëllef dann och zesummeschaffen kennen, vir dass mir eng nei Fakel kennen bauen.<br>**Spill:** Gordischer Knoten<br>*D'Wëllef stellen sech ganz no beieneen Dann maachen si hier An zou an strecken d'Äerm an d'Luucht.. Dann soll jiddereen 2 Hänn paken. Op lass, maachen si rëm d'An op. D'Aufgab ass et lo de Knuet ze léisen.* | / | Wëllef | |

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| 14.30 | Wann dat keen Zesummenaarbescht ass?!<br>Lo geet et lass mat der Materialsich. Den Fakelleefer erënnert sech drun dass d'Fakel e.a. aus Holz gebaut gouf. Also musse mir lo bei den Holzhändler, vir dass mir Holz fir eis Fakel kennen kréien. Den Holzhändler ass allerdengs e bësse gereizt, an erklärt eis, dass säin Bësch ënner staarken Naturkatastrophen leit. | | | |
| 14.35 | **<u>Spill:</u>** Feier, Waasser, Stuerm<br>*Et leeft Musek, d'Wëllef lafen duerch de Sall. Soubal d'Musek ophëlt gëtt ee Begrëff geruff. Zu all Begrëff, mussen si dann eppes maachen.*<br>*Feier: op de Bauch leeën*<br>*Waasser: Op iergendeppes kloteren*<br>*Stuerm: an den Eck lafen*<br>*Tornado: 2 Wëllef paken sech un d'Hänn, an dréien sech am Krees*<br>*Blëtz: Jiddereen bleift stoen* | Musek | Wëllef | |
| 14.50 | Sou Holz hu mir elo, lo brauchen mir just nach di reschtlech Materialien, déi mir am Supermarché kafen kennen. Vir déi ze kafen, brauche mir Suen. Also mussen mir un Suen kommen. Mir ginn an eng Quizshow, vir Suen ze gewannen. | | | |
| 14.55 | **<u>Spill:</u>** Quiz | Spillsuen | | **All** |
| 15.15 | Lo hu mir genuch Suen, fir di reschtlech Materialien fir d'Fakel. Lo kenne mir se bastelen. | | | |
| 15.20 | **<u>Bastelen:</u>** Fakel | | | |
| 15.50 | Sou d'Fakel ass lo fäerdeg, a lo séier op London dass d'Spiller kennen ufänken!<br>Et gëtt dem Fakelleefer un d'Häerz geluecht net an de Bermudadraieck ze geroden. | | | |
| 15.50 | (falls nach Zait)<br>**<u>Spill:</u>** Bermudadräieck<br>D'Wëllef stinn an engem Kreess ronderem ee Dräieck um Buedem (net ze grouss, net ze kleng, sou dass een driwwer klammen kann), an en 3Eck formt. Si ginn sech alleguerten d'Hand. Lo geet et drëms seng Noperen, duerch drécken, zeien,... an de Bermudadräieck ze kréien. Ass dëst de Fall ass deejéinegen raus. Wann d'Ketten op enger Platz réist, dann sinn di 2 och eraus. | | | |
| 16.00 | Schluss (wann nach Zait, evtl. Bilan) | | | |

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| | Personagen:<br>Divers Sportler<br>Holzhändler<br>Fakelleefer<br>Manager/Organisator | | | |